

Louis

De Schierener Gemengebuet



An dëser Editioun

01

Eis Gemeng

- 05** Virwuert vum Buergermeeschter
- 07** Gemengerotssitzungen
- 12** Statistiken
- 14** Schiereener Wantermaart 2024
- 18** Seniorefeier
- 20** Bicherkabinn
- 21** Flouernimmkonferenz
- 22** Neijoerschfeier
- 24** Neit Personal
- 28** 175 Joer Gemeng Schieren
- 32** Chantieren
- 37** Nei Broschür mat alle Gemenge-
subside fir méi Energieeffizienz
- 38** Informatiounen iwwert d'Collecte
vum Offall
- 40** Gratis Natursteng fir Äre Projet
- 41** Sicona
- 42** Ronn Gebuertsdeeg
- 46** Schieren deemools an haut

03

Kanner a Jugend

- 59** Méisproochegkeet an der
Crèche BimBam
- 60** Schouklasse

04

Veräiner

- 65** Schiereener Musek - Galaconcert
- 66** Chorale
- 68** CIS Colmer-Schieren
- 72** Boulemettien
- 74** Fraen a Mammen
- 76** Tennis Club Schieren

02

Reportagen

- 51** D'Milleso vu Schieren
- 54** Le sport au village





Virwuert vum Buergermeeschter

Léif Matbierger,

En neit Joer huet ugefaang an et ass Zäit op d'Vergaangenheet zrëckzekucken an awer och no vir ze kucken. Déi international Situatioun bleift gespaant, mat Konflikter a Krisen déi eis all beaflossen. De Krich am Mëttleren Osten an och an der Ukrain erënneren eis un d'Wichtigkeet vu Fridden a Kooperatioun. An eiser Gemeng ginn et vill positiv Momenter. Eis Veräiner droen e wesentleche Bäitrag dozou bäi, datt eist Duerf lieweg bleift. **Ech si besonnesch houfreg op déi vill Fräiwëlleg, déi onermiddlech schaffe fir d'Liewen an eiser Gemeng ze beräicheren.**

Et sinn e puer wichteg Projeten am Joer 2025 geplangt, déi eis Gemeinschaft weider ënnerstëtzen. Educatioun ass eng vun eisen Haaptprioritéiten. Mir plangen eis Schoul auszebauen, fir datt eis Kanner déi beschte méiglech Ausbildung kréien. Mir investéieren och an Infrastrukture fir d'Liewensqualitéit fir all Bierger ze verbessern. Dozou gehéiert d'Renovatioun vun existente Stroossen, eis Waasserversuergung an d'Promotioun vun nohaltegen Energieprojeten.

Duerch d'Erweiderung vun den digitalen administrativen Déngechter wëlle mir et fir all Bierger méi einfach maache fir den Zougang zu Informatiounen a Servicer ze kréien. En anere Fokus wäerte bezuelbar Wunnenge bleiwen. Mir schaffen dru fir nei Wunnensprojeten ze entwéckelen, fir datt d'Bierger Zougang zu bezuelbarem Wunnraum hunn.

2025 feiere mir och den 175. Anniversaire vun eiser Gemeng. Dëse speziellen Anniversaire feiere mir mat enger grousser Feier iwwert de Päisch- a Kirmesweekend. Et wäert eng Feier fir all Generatiounen sinn, mat Musek, Kultur, Danz, kulinarischen

Delikatessen a villen aneren Attraktiounen. **Ech invitéieren Iech alleguer häerzlech un de Feierlechkeeten deelzehuelen an dëst wichtegt Evenement zesummen ze feieren.**

Ech wëll och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir all de Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, souwéi der ganzer Equipe vun de Gemenge-Mataarbechter, e groussen Merci auszedrécken. Är onermiddlech Aarbecht ass d'Basis fir den Erfolleg vun eiser Gemeng.

Besonnesch frou sinn ech, eisen neie Gemenge-Sekretär begrëssen ze kënnen, deen den 1. Februar seng Aarbecht opgehooll huet. Ech sinn iwwerzeegt, datt hien eng wäertvoll Ergänzung fir eis Equipe wäert sinn.

Zesumme kënnen mir d'Erausforderungen iwwerwannen an eis Gemeng nach méi liewenswäert maachen.

Ech wënschen Iech an Äre Familien elo nach e gléckleche neit Joer, Gesondheet, Gléck an Erfolleg.

Jean-Paul Zeimes
Buergermeeschter

01

Eis
Gemeng

Gemengerots- sitzungen

November 2024 - Februar 2025

13.11.2024

Le conseil communal décide

- **A huis clos par vote secret:** unanimement de nommer Monsieur Philippe CALMES au poste de secrétaire communal de la commune de Schieren dans le groupe de traitement B1, sous-groupe à attributions particulières avec effet au 1^{er} février 2025 (service provisoire).
- **unanimement d'approuver le contrat amendé du 1er octobre 2024 entre le promoteur social et le bailleur social** au sens de la loi du 7 août 2023 relative au logement abordable aux termes duquel la commune de Schieren loue à l'Office Social Nordstad (OSNOS) un appartement sis à Schieren, 28, route de Luxembourg pour une durée de 3 ans à partir du 1^{er} janvier 2023 moyennant un loyer mensuel de 150,00 € (forfait d'exploitation).

- d'approuver la « convention relative aux aides à la pierre à L-9125 Schieren, 101, route de Luxembourg » du 29 octobre 2024 conclue entre l'Etat et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren en tant que promoteur social de laquelle il ressort que la commune de Schieren a droit à une participation financière du MLOGAT d'un montant de 450.825,00 €, TVA au taux dû incluse.

Version complète du rapport






18.12.2024

Le conseil communal décide

- **A huis clos par vote secret:** unanimement de nommer Madame Laura Wiltgen provisoirement au poste de fonctionnaire communal du groupe de traitement A2, sous-groupe administratif avec un taux d'occupation de 100% auprès de la commune de Schieren avec effet au 1^{er} mars 2025.
- **avec 7 voix oui et 1 voix non** d'approuver l'acte de vente du 18 décembre 2024 entre l'établissement « KIERCHEFONG », et l'administration communale de Schieren aux termes duquel le « KIERCHEFONG » cède à la commune de Schieren des parcelles pour un prix de vente de 87.545,00 euros.
- **unanimement** d'opter pour la variante 1 qui prévoit un apport direct de 100% de la somme due, soit un apport en capital de 40.400,00 euros pour la Distribution d'Eau des Ardennes (DEA). Cette somme sera inscrite au budget de l'exercice 2025.

Version complète du rapport




05.02.2025

Le conseil communal décide

- **unanimement** d'adopter le règlement communal du 5 février 2025 instituant un régime d'aides financières concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie, la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement, la mobilité et d'autres initiatives non subventionnées par des programmes étatiques.
- **avec 7 voix pour et 1 abstention** d'adopter le règlement communal du 5 février 2025 portant majoration de la redevance de l'eau destinée à la consommation humaine.
- **avec 7 voix pour et 1 abstention** d'adopter le règlement communal du 5 février 2025 portant majoration de la redevance sur l'assainissement des eaux usées.

Version complète du rapport



Budget extraordinaire
2025 – Nouveaux projets

50 000 €

PAP « Am Gapp » – Etudes

40 000 €

GIS – Configuration et mise en service

40 000 €

Crèche – Renouvellement de la chaudière

35 000 €

Nouveau accès de la « Vali's Plaz » vers le cimetière

20 000 €

Aménagement d'un trottoir longeant les maisons 21-33, route de Luxembourg – Etudes

50 000 €

Réaménagement de la « Rue Verte » – Etudes

50 000 €

Aménagement d'une piste cyclable entre la rue des Vergers et la rue du Cimetière à Ettelbruck

10 000 €

Réaménagement de la bande verte centrale du PAP « Wieschen »

50 000 €

Réaménagement des infrastructures du site sportif – Etudes

270 000 €

Hall sportif – Renouvellement de la chaudière

100 000 €

Extension complexe scolaire – Ecole fondamentale de Schieren – Etudes

140 000 €

Festivités pour l'anniversaire de 175 Joer Gemeng Schieren

125 000 €

Eglise – Installation photovoltaïque

Budget 2025 : Projets extra-ordinaires primordiaux (1/2)

Budget 2025 : Projets extra-ordinaires primordiaux (2/2)

5 850 000 €

Achèvement des travaux en relation avec l'extension de la Maison Relais Rousennascht (y inclus premier équipement de 250 000,00 €)
(APD approuvé d'un montant total de 10 273 000,00 €)

3 500 000 €

Travaux de réaménagement des vestiaires, de la buvette et de la tribune du club de football FC Schieren
(APD approuvé d'un montant total de 5 095 590,00 €)

200 000 €

Travaux d'aménagement autour du nouveau passage souterrain à la hauteur du site sportif
- Aménagement d'un parking

180 000 €

Acquisition de surfaces de compensation au sens de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

800 000 €

Travaux de réaménagement de la rue « Cité Emile Tibessart » (APD approuvé d'un montant total de 1 530 000,00 €)

1 200 000 €

Investissement en logement abordable:
Acquisition d'un immeuble pour le mettre à disposition de l'OSNOS (gestion locative sociale)
Planification du projet communal PAP « In den Wangerten » concernant la création d'environ 10 logements abordables

125 000 €

Eglise - Installation photovoltaïque

100 000 €

Mise en conformité conséquente des bâtiments communaux

320 000 €

Travaux de raccordement d'eau potable
« Impasse Meris »

230 000 €

Installations techniques du réseau de distribution des eaux potables - Forage de reconnaissance à l'emplacement du bassin d'eau projeté

100 000 €

Renouvellement de la canalisation dans la « Rue du Canal »

100 000 €

Extension complexe scolaire - Ecole fondamentale de Schieren - Etudes

92 500 €

Réaménagement des aires de jeux à Schieren

140 000 €

Festivités pour l'anniversaire de 175 Joer Gemeng Schieren

165 000 €

Etude relative aux crues subites & exécution des travaux

60 000 €

Travaux d'infrastructures relatives aux mesures de sécurisation des passages pour piétons

50 000 €



Frais d'études PAP « Am Gapp »

35 000 €

Aménagement d'une place de rencontre à côté du parking de la Mairie

Statistiken

Zivilstand



Nationalitéiten

- Däitsch: 18

Belsch: 25

Bosnesch: 8

Capverdianesch: 21

Chineesch: 18

Spuenesch: 15

Franséisch: 38
- Italieenesch: 47

Lëtzebuergesch: 1366

Montenegrinesch: 12

Hollännesch: 10

Portugisesch: 437

Rumänesch: 19

Rescht vun der Welt: 89

Awunner

Biertreng

4

Colmer Bréck

8

Schieren

2111

État civil 2024

Partnerschaft

5

Bestietnes

10


Nei gebueren

25

Stierffall

14

Alter



Schierener Wantermaart 2024



Um leschten Novemberweekend 2024 huet sech Schieren an e festlecht Wanterwonderland verwandelt. De Chrëschtmaart huet vill Visiteuren ugelackelt, déi d'Atmosphär genoss hunn.

Freides ass de Chrëschtmaart opgaangen, an d'Schierener Musek huet fir eng gutt Stëmmung gesuergt an den Highlight war de Besuch vum Kleeschen, deen de kleng Gäscht eng riseg Freed gemaach huet. Samschdes gouf et eng Feiershow an eng Ballon Nightglow-Show, eppes wat et esou nach ni op engem Chrëschtmaart zu Lëtzebuerg gouf.

Ronderëm de festlech dekoréierte Maart hunn Aussteller hir Kreatiounen gewisen an d'Schierener Veräiner dofir gesuergt dass keen duuschtreg oder hongereg heemgaangen ass. Vun handgemaachtem Porzellan iwwer Chrëschtdekoratioun bis zu kulinarische Spezialitéiten war fir jiddereen eppes dobäi. D'Visiteuren hunn d'Geleeënheet genotzt, duerch de Maart ze schlendern an d'Virfreed op d'Feierdeeg ze genéissen.

Mat dësem Event ass Schieren stimmungsvoll an d'Adventszäit gestart **a léisst d'Virfreed op dat nächst Joer scho wuessen.**





Seniorefeier

Am Dezember 2024 war eis traditionell Seniorefeier. 80 Schiereener Awunner, am Alter vu 65 Joer a méi, hunn am Centre Culturel "Al Schoul" bei engem gemeinsame Mëttegiessen eng flott Zäit zesumme verbruecht. Als klengen Highlight kruten d'Gäschte eng kleng VR-Präsentatioun gebueden.

E puer flott Impressiounen vun engem flotte Mëtten op der Seniorefeier 2024.





Bicherkabinn

Säit Dezember steet eis nei Bicherkabinn hannert dem Centre Culturel "Al Schoul" an ass fir all Bierger zougänglech

De Prinzip ass ganz einfach:

1

Buch huelen

2

Liesen

3

Zréckbréngen
oder tauschen

4

Uerdnung halen

Wichtig: D'Bicher solle propper an an engem gudden Zoustand sinn. Erlaabt si Kannerbicher, Jugendbicher, Krimien, Romaner, Kachbicher, Sachbicher... an och Zäitschrëfte wéi zum Beispill National Geographic.

E grouse Merci geet un d'Kulturkommissioun, **déi sech an Zukunft ëm d'Kabinn këmmert an déi d'Kabinn mat vill Häerzblutt gefëllt huet**, an och un d'Servicer vun der Gemeng fir hiren Asaz!

Mir wënschen iech vill Freed beim Liesen an Tauschen!
Kommt laanscht an entdeckt **eng Welt voller Geschichten!**

Version française



Flouernimm-konferenz

No engem flotte Kulturausflug hat d'Kulturkommissioun de 05. November op eng Konferenz iwwert d'Flouernimm zu Schieren an zu Lëtzebuerg invitéiert.

De Conferencier war den Dr. Sam Mersch, Sprochhistoriker am Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch. Hien huet prehistoresch Archeologie, Geschicht, Altertumswissenschaft an Ethnologie an Däitschland an an den USA studéiert.

An dësem Virtrag gouf gewise, wat d'Flouernimm zum Lëtzebuenger Kulturierwe maachen, wéi een se erfuersche kann a wat se eis iwwert d'Vergangenheet soe kënnen.

Den Owend gouf mat engem gudde Pättchen an engem gemittlechen Zesummesinn ofgeschloss.



Neijoerschfeier

De Freideg Owend hunn de Schäffen- a Gemengerot zesumme mat de Mataarbechter vun der Gemeng, der Maison Relais, der Crèche a Schoul, eisen externe Partneren an de Membere vun de Kommissiounen op déi gutt Zesummenaarbecht am Joer 2024 ugestouss.

An senger Ried huet de Buergermeeschter, Här Jean-Paul Zeimes, betount: **„Eis Gemeng huet 2024 bewisen, datt den Zesammenhalt an d’Zesummenaarbecht eis stäerken an eis erméiglechen, Schwieeregkeeten ze iwwerwannen.“** hien huet och besonnesch op déi 175 Joer vun der Gemeng Schieren higewisen, dat mat engem grouse Fest am Juni iwwer dräi Deeg gefeiert gëtt – eppes, op wat mir eis all kënne freeën!

Op der Feier goufen och verschidde Mataarbechter fir hiren Asaz an hir laangjäreg Déngschter géieert.



Neit Personal

Serge Colbach – Fierschter

Mäin Numm ass Serge Colbach, ech sinn 41 Joer al an ech wunnen zu Viichten. An der Fräizäit, ewéi och a mengem Beruff, sinn ech gären dobaussen an der Natur ënnerwee. Eis Famill huet nach ee puer Bongerten a Bëscher ëm déi ech mech këmmere. Am léifste sinn ech awer mat mengen 3 Kanner a mat menger Fra mat eiser Roulotte ënnerwee.


No menger Ausbildung, als éischt fir Bëschaarbechter an dono fir Fierschter, hunn ech als éischt 5 Joer bei engem Naturschutzsyndikat um Terrain geschafft. Du war ech 10 Joer Viraarbechter op enger Gemeng.

Op eemol duecht ech mir, datt ech dach fir Fierschter geléiert hunn an hu mech ob eng vu 5 Plaze bei der ANF gemellt. Nodeems ech eng sëlleg Exame gepackt hat, sinn ech dunn 2023 an de Service juridique et missions de police (Entité mobile) an der Direktioun vun der ANF zu Dikrech komm.

No engem décke Joer ass dunn d’Revéier Schieren ausgeschriww ginn an do hunn ech keng Sekonn gezéckt fir mech ze mellen.

Zanter dem 1.1.2025 sinn ech de Préposé de la Nature et des Forêts vum Triage Schieren.

Ech freeë mech ob eng konstruktiv a motivéiert Zesummenaarbecht mat alle beleedegte Parteien, **ewéi z.B. der Gemeng, de Jeeër an den Naturschutzsyndikaten, ewéi och dem Bierger, fir der just ee puer ze erwänen.**



Zu mengen Tâchë gehéieren:

- Eng nohalteg a klimaresistent Gestiou vum de Gemeengebëscher,
- Schützen an Erhale vum Landschaftscharakter mat senge sëllege Biotopen,
- Beroden a Fërdere vun enger nohalteger Bëschbewirtschaftung am Privatbësch,
- Kreéiere vun neie Biotop- an Habitatflächen,
- Traitement vun ënnerschiddlechen Naturschutzdemanden,
- Policemissioun an de Beräicher Bëschschutz, Naturschutz, Fëscherei a Juegd,
- Organisatioun a Gestiou vum eiser Bëschekipp,
- Member vum Naturpakt-Team,
- an nach villes méi.

Jidderee ka mech erreechen per mail (serge.colbach@anf.etat.lu) oder per Telefon (621 202 159).

Mat beschte Gréiss

Je m’appelle Serge Colbach, j’ai 41 ans et je vis à Viichten. Dans mon temps libre, mais aussi dans mon travail, j’aime passer du temps à l’extérieur, en pleine nature. Ma famille possède encore quelques vergers et forêts que je m’occupe de gérer. Cependant, ce que je préfère par-dessus tout, c’est partir en voyage avec ma femme et nos trois enfants dans notre caravane.

Après avoir suivi une formation en tant que forestier, j’ai d’abord travaillé pendant cinq ans dans une organisation de conservation de la nature. Ensuite, j’ai passé dix ans en tant que chef d’équipe dans une commune.

Un jour, je me suis dit que j’avais suivi une formation de forestier et j’ai donc postulé pour l’un des cinq postes proposés à l’ANF. Après avoir réussi plusieurs examens, j’ai intégré le service juridique ainsi que les missions mobiles de la Direction de l’ANF à Diekirch en 2023.

Après une année réussie, le poste de responsable du district de Schieren a été mis en concours, et je n’ai pas hésité une seconde à poser ma candidature.

Depuis le 1er janvier 2025, je suis le Préposé de la Nature et des Forêts pour le district de Schieren.

*Je me réjouis de collaborer de manière constructive et motivée avec toutes les parties concernées, **telles que la commune, les chasseurs, les associations de protection de la nature, ainsi que les citoyens, pour ne citer qu’eux.***

Mes missions principales comprennent:

- Une gestion durable et résistante au climat des forêts communales,
- La protection et la conservation du caractère paysager avec ses divers habitats,
- Le conseil et le soutien à une gestion forestière durable dans les forêts privées,
- La création de nouvelles surfaces de biotopes et d’habitats,
- La gestion de diverses préoccupations liées à la protection de la nature,
- Des missions de police dans les domaines de la protection des forêts, de la nature, de la pêche et de la chasse,
- L’organisation et la gestion de notre équipe forestière,
- La participation à l’équipe du Pacte Nature,
- Et bien d’autres tâches encore.

Chacun peut me contacter par e-mail à l’adresse suivante: serge.colbach@anf.etat.lu ou par téléphone au 621 202 159.

Je vous adresse mes salutations distinguées.



Wëllkomm Philippe Calmes

Säit dem 1. Februar ass de Philippe Calmes neie Gemengesekretär.

Zu sengen Tâchë gehéieren haaptsächlech d'Relatiounen mam Schäferot an dem Gemengerot, déi respektiv Deliberatiounen preparéieren a suivéieren, d'Opstelle vu Gemengereglementer – an Taxen an Zesummenaarbecht mat dem techneschen Service, de Suivi vun den Aarbechten en vue vun enger eventueller Fusioun Nordstad an déi generell Koordinatioun vun der Gemeindeverwaltung.

De Philippe ass domat ee wichtegen Piler fir d'Entwécklung an d'Gestioun vun der Gemeng Schieren.

Hei stellt en sech kuerz fir:

"Säit dem 1. November 2007 war ech Fonctionnaire am Ëmweltministerium an hu vill Erfahrung gesammelt an dësem spezifeschen Beräich, mee awer och vill iwwert den allgemengen Fonctionnement vum Staat als Verwaltung an iwwer seng Relatiounen mat der Gemeinde geléiert. No iwwer 17 Joer sinn ech gläich an der Mëtt vu menger Carrière a gläichzäiteg och vu mengem Liewen. Et war also lo de richtigen Zäitpunkt fir eng nei Herausforderung ze sichen an der Posten vum Gemengesekretär war an ass nach ëmmer fir mech een Dramjob.

Schieren ass eng perfekt Gemeng fir sech an der Gemengesector anzeschaffen. D'Gemeng huet sech déi lescht Jore flott entwéckelt a gouf gutt op d'Zukunft virbereet. Schieren ass eng méi kleng Gemeng

an dat erlaabt engem ee gudden Iwwerbléck iwwer all kommunal Servicer ze kréien. Vun der Verwaltung iwwer déi technesch Servicer bis bei déi Mënschen déi fir den Entretien vun der Gebaier zoustänneg sinn kritt een alles mat. Trotzdeem ass Schieren och an engem méi urbaniséierten Kontext vun der Nordstad ze gesinn, woubäi besonnesch d'Proximitéit zu Ettelbréck der Schierer Bierger vill Liewensqualitéit um Niveau vun der Commercen, Servicer an dem medezineschen Beräich bitt.

A mengem Liewen tauchen och well e puer Gemengen op an deenen ech gewunnt hunn. Gebierteg kommen ech aus dem Präizerdaul, hunn du 6 Joer zu Miersch gewunnt a wunne lo zu Heeschbreg an der Gemeng Bech. D'Gemeng Schieren an déi ganz Regioun vun der Nordstad si mir awer beschtens bekannt. Ech war 8 Joer zu Dikrech am LCD, hat Frënn a Frëndinnen vu Schieren a sinn einfach all Dag mam Bus hei laanscht gefuer. Net ze vergiesse meng reegelméisseg Visitten am Mr. Goufy.

A menger Fräizäit kucken ech no mengem Beebe vun engem Joer, ech kache vill (momentan oft Bräi) an ënnerhuele Spadséiergänger oder Ausflüch mat menger Famill a mat Kollegen. Wann et sech ergëtt fieren ech och alt mol Vëlo oder maachen eng länger Wanderung. An d'Vekanntheit fieren ech am léifsten an Italien, awer ech maachen och all Joer besse Groundhopping.

Et ass mir eng Éier Gemengesekretär zu Schieren ze sinn. Mir gesinn eis bei där enger oder anerer Geleeënheet a spéitstens bei der Feierlechkeeten zu dem 175. Gebuertsdag vun der Gemeng Schieren."

Bienvenue Philippe Calmes

Depuis le 1^{er} février, Philippe Calmes est le nouveau secrétaire communal.

Ses principales responsabilités incluent les relations avec le Collège des Bourgmestre et Échevins ainsi qu'avec le Conseil communal, la préparation et le suivi des délibérations respectives, l'élaboration des règlements et des taxes communales en collaboration avec le service technique, le suivi des travaux dans le cadre d'une éventuelle fusion de la Nordstad, ainsi que la coordination générale de l'administration communale.

Philippe est donc un pilier important pour le développement et la gestion de la commune de Schieren.

Il se présente brièvement ici :

« Depuis le 1^{er} novembre 2007, j'étais fonctionnaire au ministère de l'Environnement, où j'ai acquis une grande expérience dans ce domaine spécifique, mais j'ai aussi beaucoup appris sur le fonctionnement général de l'État en tant qu'administration et sur ses relations avec les communes. Après plus de 17 ans, je me trouve au cœur de ma carrière et en même temps au cœur de ma vie. Il était donc temps pour moi de chercher un nouveau défi, et le poste de secrétaire communal était et reste pour moi un travail de rêve.

Schieren est une commune parfaite pour s'investir dans le secteur communal. Ces dernières années, la commune s'est bien développée et s'est bien préparée pour l'avenir. Schieren est une petite commune, ce qui permet d'avoir une vue d'ensemble sur tous les services communaux. De l'administration aux services techniques, en passant par les personnes responsables de l'entretien des bâtiments, on touche à tout. Néanmoins, Schieren se situe aussi dans un contexte plus urbanisé de la Nordstad, où la proximité d'Ettelbrück offre aux habitants de Schieren une grande qualité de vie en matière de commerces, de services et de secteur médical.

Dans ma vie, j'ai aussi vécu dans plusieurs communes. Originaire de Préizerdaul, j'ai vécu six ans à Mersch et je réside actuellement à Heeschbreg, dans la commune de Bech. Cependant, la commune de Schieren et toute la région de la Nordstad me sont très familières. J'ai passé huit ans à Diekirch au LCD, j'avais des amis et des connaissances de Schieren, et je suis passé tous les jours en bus devant cette commune. Sans oublier mes visites régulières chez Mr. Goufy.

Dans mon temps libre, je m'occupe de mon bébé d'un an, je cuisine beaucoup (en ce moment, souvent des purées), et je fais des promenades ou des sorties avec ma famille et mes collègues. Quand l'occasion se présente, je fais aussi du vélo ou des randonnées plus longues. Pour les vacances, je préfère l'Italie, mais je fais également chaque année un peu de « groundhopping ».

C'est un honneur pour moi d'être secrétaire communal à Schieren. Nous nous croiserons lors de l'une ou l'autre occasion, et au plus tard lors des célébrations du 175^e anniversaire de la commune de Schieren. »



Verordnungs- und Verwaltungsblatt des Großherzogthums Luxemburg.

MÉMORIAL LÉGISLATIF ET ADMINISTRATIF DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG.

Acte der Gesetzgebung.

General-Administration
der Gemeinde-Angelegenheiten.

G e s e t z ,

vom 22. Januar 1850,

Wodurch zwei neue Gemeinden, die eine unter dem Namen Schieren, die andere unter dem Namen Erpeldingen, errichtet werden.

Wir Wilhelm III, von Gottes Gnaden, König der Niederlande, Prinz von Dranien-Nassau, Großherzog von Luxemburg, etc., etc., etc.,

Haben;

Nach Einsicht des Art. 2 der Verfassung;

Im Einverständniß mit der Kammer der Abgeordneten;

Verordnet und verordnen:

Art. 1.

Die Sectionen Oberschieren, Niederschieren und

Actes législatifs.

ADMINISTRATION GÉNÉRALE DES AFFAIRES COMMUNALES.

LOI

du 22 janvier 1850,

qui érige deux nouvelles communes, l'une sous le nom de Schieren et l'autre sous le nom d'Erpeldange.

Nous GUILLAUME III, par la grâce de Dieu, Roi des Pays-Bas, Prince d'Orange-Nassau, Grand-Duc de Luxembourg, etc., etc., etc.,

Vu l'article 2 de la Constitution;

De commun accord avec la Chambre des Députés;

Avons ordonné et ordonnons:

Art. 1.

Les sections d'Oberschieren, Niederschieren et

175 Joer Gemeng Schieren

Den 22. Januar 1850 huet déi modern Geschicht vu Schieren ugefaangen, wéi d'Sektiounen Uewerschieren, Nidderschieren a Biertreng op Wonsch vun den Awunner vun Ettelbréck getrennt goufen. **Mat deemools 850 Awunner gouf Schieren offiziell als onofhängeg Gemeng gegrënnt.**

Kuerz duerno, de 17. Abrëll 1850, goufen déi éischt Gemengerotswalen ofgehalen. Wiele konnt just deen, deen op mannst fënnef Frang un direkte Steiere bezuelt huet. Den éischte Buergermeeschter war den Dominik Toussaint, e Mëller vu Biertreng. De Gemengerot huet deemools aus siwe Membere bestanen.

An den éischte Jore goufen d'Gemengegeschécker warscheinlech an de Privatraim vum Buergermeeschter oder vum Gemengesekretär geleet – hautdesdaags géif een dat wuel als „Homeoffice“ bezeichnen. Eréischt am Joer 1960 konnt d'Gemengeverwaltung fir d'éischt eege Bureau bezéien. An der fréierer Schoulmeeschterwunneng vum Gebai „al Schoul“, dat 1851 als éischt Amtshandlung vum neie Gemengerot gebaut gi war, goufen e Sitzungssall an e Büro fir de Gemengesekretär ageriicht.

Am Joer 1989 huet d'Gemeng d'„Villa Toussaint“ kaaft. Dat haitegt Gemengenhais an der Route de Luxembourg huet eng besonnesch historesch Bedeitung. **Déi herrschaftlech Villa gouf am Joer 1905 vum Jong vum éischte Buergermeeschter als Wunnhaus gebaut.**

Le 22 janvier 1850 marque le début de l'histoire moderne de Schieren. Ce jour-là, les sections de Oberschieren, Niederschieren et Birtrange se sont séparées d'Ettelbruck à la demande de leurs habitants. **Avec 850 habitants à l'époque, Schieren est officiellement devenue une commune indépendante.**

Peu après, le 17 avril 1850, les premières élections communales ont eu lieu. Seuls ceux qui payaient au moins cinq francs d'impôts directs pouvaient voter. Le premier bourgmestre fut Dominik Toussaint, un meunier originaire de Birtrange. Le conseil communal comptait alors sept membres.

Dans les premières années, les affaires communales étaient probablement gérées dans les pièces privées du bourgmestre ou du secrétaire communal – ce que l'on appellerait aujourd'hui du « travail à domicile ». Ce n'est qu'en 1960 que l'administration communale a pu s'installer dans ses propres locaux. Un bureau pour le secrétaire communal et une salle de réunion ont été aménagés dans l'ancien logement de l'instituteur, situé dans le bâtiment al Schoul, construit en 1851 en tant que première décision du nouveau conseil communal.

En 1989, la commune a fait l'acquisition de la « Villa Toussaint », un bâtiment emblématique de Schieren. La mairie actuelle, situé sur la Route de Luxembourg, revêt une importance historique particulière. **Cette majestueuse villa a été construite en 1905 par le fils du premier bourgmestre en tant que résidence privée.**



KIERMES WÉI FRÉIER

175 JOER
GEMENG SCHIEREN

06. – 08.06.2025
SCHIEREN – AL SCHOUL

FR: 06.06.2025

OFFIZIELL 175 JOER FEIER
RECEPTIOUN
OUVERTURE VUN DER KIERMES WÉI FRÉIER
MUSEK VUN DER BAND SAXITUDE

SA: 07.06.2025

TALI • THE BLACKOUTS
ZERO POINT FIVE • KRICK
LEEN • FREEZY & SKIT

SO: 08.06.2025

KIERMESSONNDEN
SONNDESMENU VUM BBC BLACK FROGS

Schieren



TALI



THE BLACKOUTS




ZERO POINT FIVE



KRICK



LEEN



FREEZY & SKIT (DJ SET)



SAXITUDE


Chantieren

Nei Spill- a Bewegungsméiglechkeeten an der Crèche: Zweete Sall ëmgestalt

Zum Enn vum Joer 2024 gouf an eiser Crèche e weideren entscheidende Schratt gemaach, fir d'Léiere mat Beweegung a Spill nach besser un d'Besoine vun de kleng Kanner unzepassen. Den zweete Sall gouf speziell fir déi Klengst ënnert eis nei gestalt, mat engem Fokus op Spillfrëndlechkeet, Sécherheet a Beweegungsfräiheet.

Duerch dës Upassunge kënnen d'Bëbeeën ouni Gefor op Entdeckungsrees goen, fräi krabbelen a mat der Ëmwelt interagéieren. D'Gestaltung vum Raum encouragéiert d'Kanner, hiren natierlechen Entdeckungsdrang auszeliwwen, hiert Gläichgewicht ze verbesseren an op spilleresch Aart a Weis nei Erfarungen ze sammelen.

Mat dësem neie Konzept gi mir e weidert wichtegt Zeeche fir eng modern, kandgerecht Betreierung a fërderen d'individuell Entwécklung vun eise Kanner vun den éischte Liewensjoren un.



Neie Rousegaart hëlt Form un

Hannert der Gemeng vu Schieren entsteet en neie Rousegaart, e Projet an Zesummenaarbecht mat de Rousefrënn a.s.b.l.. De Gaart geet a seng lescht Bauphas, wou d'Haaptaarbechte vum Entrepreneur schonn ofgeschloss sinn. Momentan sinn 80% vun den Rouse gesat, an an enger zweeter Etapp ginn elo d'Detailaarbechten ëmgemat.

Dës enthalten d'Installatioun vu Rousebéi a Rouse-sailen, déi de Rousen d'Méiglechkeet ginn, an d'Luucht ze wuessen, sou wéi d'Opstelle vu Bänken an enger Palissad mat Efeu, déi eng natierlech Ofgrenzung tëscht de Privathaiser an dem ëffentleche Park schafft.

Als leschten Touch gëtt am Abrëll nach eng Auswiel u Stauden, déi perfekt mat de Rousen harmonéieren, geplanz. Dëst mécht de Gaart nach méi lieweg a faarweprächteg a suergt fir en natierlecht Gläichgewicht.

De Rousegaart gëtt bis Juni fäerdeg, fir pénktlech mat de grouse Festivitéiten zum 175. Anniversaire vu Schieren ageweit ze ginn.





Fortschrëtter um Chantier an der Cité Emile Tibessart

D'Aarbechte lafen op Héichtouren an der Cité Emile Tibessart, wou de Projet bis Enn Mee ofgeschloss soll sinn. D'Aarbechte gi schrëttweis duerchgefouert, woubäi als éischt de ganze Beräich vun der Cité bis bei de Parking vun der Maison Relais fäerdeggestallt gëtt. Als lescht Etapp sinn d'Aarbechten tëscht dem Parking vun der Maison Relais an dem Neie Wee geplangt.

D'Firma Tragec ass zoustänneg fir déi verschidde wichteg Infrastrukturen. Esou entsteet e Rond-Point, deen de Verkéiersfloss verbessere soll, an eng Parkbucht fir Camionen, déi d'Kiche vun der Maison Relais effizient kënne beliwieren. Eng grouss Prioritéit läit op der Sécherheet, dofir ass e sécuriséierte Trottoir virgesinn, genoe wéi eng optiméiert Kräizung beim Neie Wee. Fir d'Liewensqualitéit an der Cité weider ze erhéijen, gëtt och besonnesch op d'Begréngung vun den ëffentleche Fläche gesat. D'Gemeng setzt domat ee staarke Fokus op Sécherheet a Funktionalitéit, fir d'Awunner vun dësem Quartier optimal ze ënnerstëtzen.



Fortschrëtter bei der Maison Relais – Aweigung steet kuerz bevir

D'Aarbechte bei der Maison Relais gi virun, an de Projet geet an d'Endphase. Virgesinn ass, datt d'Baussenanlage ronderëm d'Gebai virun der Ouschtervakanz komplett ofgeschloss sinn. Während der Vakanz wäert d'Produktiounskichen aus dem Bestandsgebai an dat neit Gebai eriwwer plënnere.

No dëser Etapp ginn nach bis de Summer lescht Ëmbauten am Bestandsgebai realiséiert, fir d'Infrastrukturen och optimal unzepassen. Mam Ofschluss vun dësen Aarbechte wäert dat ganz Gebai am Summer komplett an den definitive Betrib goen.

Dëse Projet markéiert e bedeitende Fortschritt fir d'Betreiungsstrukturen an der Gemeng a suergt fir optimal Konditiounen fir Kanner a Mataarbechter.



Fortschrëtter um neie Fussballsterrain – Gebai hält Form un

D'Aarbechten um neie Fussballsterrain ginn zügeg weider, an de Projet kënnt an eng weider grouss Etapp. An den nächste Woche gëtt d'Gebai komplett zougemaach, d'Tribünen an d'Rampe gi mat Fäerdegdeeler realiséiert an den Daach iwwert den Tribünen gëtt installéiert. Domat hält d'Infrastruktur no an no seng definitiv Form un.

D'Fäerdegstellung vum Gebai ass fir d'Chrëschtvakanz virgesinn, sou datt d'Spiller an d'Supporter sech geschwënn op eng modern an optimal ausgestatt Sportanlag freeë kënnen. Dëse Projet wäert net nëmmen d'Konditiounen fir d'Sportler verbessern, mee och d'Erfahrung fir d'Visiteuren an d'Fans méi komfortabel maachen.



Erweiterung a Reamenagement vum CFL-Parking zu Colmar-Bréck

D'Erweiterung an de Reamenagement vum aktuelle Park&Ride-Parking sinn an der finaler Chantiersphase. Dës Aarbechte gi realiséiert fir e séchert Parken an eng besser Ubannung un de Busverkéier ze garantéieren. Den neie Parking bitt 245 permeabel Parkplazen, dorënner 7 Plaze fir Persounen mat reduzéierter Mobilitéit (PMR). Zousätzlech si 2 Plaze mat enger Opluetstatioun fir elektresch Gefierer ausgestatt. De Parking ass mat 35 Beliichtungsmasten equipéiert an ëmgi vu verschiddene Gréngflächen.



Nei Broschür mat alle Gemengesubsiden fir méi Energieeffizienz

Nouvelle brochure avec toutes les subventions communales pour l'efficacité énergétique

Als Bierger vun der Gemeng Schieren kënnt Dir eng ganz Partie Primmen an de Beräicher Ëmwelt, Mobilitéit, Wunnen a Soziales ufroen. Wéi eng Subventiounen dat genoe sinn a wéi eng Konditiounen Dir erfëlle musst fir se accordéiert ze kréien, ass an der Broschür „Transition écologique – Subventions“ nozeliesen. Dir kënnt d'Broschür souwéi de Formulaire mat folgendem QR-Code consultéieren:

En tant que citoyen de la commune de Schieren, vous avez la possibilité de demander diverses subventions dans les domaines de l'environnement, de la mobilité, du logement et du social. Vous pouvez consulter la brochure « Transition écologique – Subventions » pour savoir quelles subventions sont disponibles et quelles conditions doivent être remplies pour les obtenir. La brochure ainsi que le formulaire sont disponibles via le code QR suivant:





Avis au public Informatiounen iwwert d'Collecte vum Offall

Mir informéieren Iech, dass d'Collecte vun de Valorlux-Tuten elo vun engem neie Prestataire gemaach gëtt. Denkt drun, är Tute bis spéitstens 6 Auer moies virun d'Dier ze stellen, fir datt se kënnen ofgehol ginn!

Mir erënneren och drun, datt d'Sammlung vun de Valorlux-Tuten, wéi am Offallkalenner uginn, **elo ëmmer Mëttwochs stattfënnt**, obwuel se bis elo ëmmer Dënschdes agesammelt goufen. Mir informéieren Iech iwwer dës Ännerung, fir all Mëssverständnis ze verhënneren.

Ausserdeem wëlle mir drop hiweisen, **datt den 1. Abrëll 2025 d'Collecte vum Hausoffall am Offallkalenner vergiess gouf**. D'Sammlung vum Hausoffall fënnt awer wéi geplangt statt.

Avis au public Informations concernant la collecte des déchets

*Nous souhaitons vous informer qu'un nouveau prestataire est désormais en charge de la collecte des sacs Valorlux dans notre commune. Afin d'assurer un service optimal, nous vous prions de bien vouloir sortir vos sacs Valorlux **avant 06h00 le jour de la collecte**.*

*Nous tenons également à vous rappeler que, conformément aux indications du calendrier des déchets, la collecte des sacs Valorlux **a bien été fixée au mercredi**, alors qu'elle avait habituellement lieu le mardi. Nous vous informons de ce changement pour éviter toute confusion.*

*En outre, nous profitons de cette occasion pour signaler que la date du **1^{er} avril 2025 a été omise dans le calendrier des déchets**. Toutefois, la collecte des déchets ménagers aura bien lieu comme prévu.*



Fir ëmmer um neiste Stand ze bleiwen, recommandéiere mir Iech, **d'Applikatioun „Mäin Offall – Meng Ressourcen“ erofzelueden**, wou den Datum vum 1. Abrëll 2025 elo richteg agedroe gouf. Dës App ass gratis an op dem App Store souwéi dem Google Play Store disponibel.

Mir soen Iech Merci fir Ärt Versteesdemech an Är Zesummenaarbecht. Bei Froen zéckt net, d'Gemeengeverwaltung um **Telefon 81 26 68-54 ze kontaktéieren**.

Dir kënnt den aktualiséierten Offallkalenner iwwer de **folgende QR-Code consultéieren**:



*Pour rester informé en temps réel, nous vous recommandons **de télécharger l'application « Mäin Offall – Meng Ressourcen »**, où la date du 1^{er} avril 2025 est désormais correctement indiquée. Cette application est gratuite et disponible sur l'App Store ainsi que sur le Google Play Store.*

*Nous vous remercions de votre compréhension et de votre coopération. Pour toute question, n'hésitez pas à contacter l'administration communale **par téléphone au 81 26 68-54**.*

*Vous pouvez consulter le calendrier des déchets mis à jour **via le QR Code suivant**:*

Gratis Natursteng fir Äre Projet!

D’Gemeng Schieren verschenkt Natursteng vun engem ale Bauerenhaff! Dëst ass eng flott Geleeënheet, fir Äre eegen Dréchemauer oder Äre Steegaard ze bauen.

Konditioun

D’Projet mussen sech **um Territoire vun der Gemeng Schieren** befannen, an Dir schéckt eis duerno Fotoe vun Ärem fäerdeg Bauwierk.

Wichtig

D’Steng mussen selwer ofgehol ginn.

Hutt Dir Intressi?

Melle kënn Dir lech bei technique@schieren.lu



Pierres naturelles gratuites pour vos projets !

La commune de Schieren met à votre disposition des pierres naturelles provenant d’une ancienne ferme. Profitez de cette opportunité pour construire votre propre muret en pierres sèches ou tout autre aménagement en pierres.

Condition:

Votre projet doit être situé sur le territoire de la commune de Schieren et nous vous demandons de nous faire parvenir des photos de votre réalisation une fois terminée.

Important

Les pierres doivent être enlevées par vos soins.

Intéressé(e) ?

Écrivez-nous à l’adresse: technique@schieren.lu

Nature for People

Bestimmungskurs für Pflanzen

Lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen! Schwerpunkt ist die Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mit Hilfe von Florenwerken. Dabei werden die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien vorgestellt und Anleitungen zum botanischen Sammeln sowie zur Anlage eines Herbars gegeben. Am letzten Kurstag geht es ins Gelände, um das Erlernte dort anzuwenden. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind, sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

Wann & wo?

Der Kurs findet an sechs Nachmittagen jeweils mittwochs von 14 bis 16 Uhr im Festsaal in Olm, 10, rue de Capellen, statt. Die sechs Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

Termine:	23.04.2025	07.05.2025	21.05.2025
	04.06.2025	11.06.2025	18.06.2025

Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40 €; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20 €. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden zur Verfügung gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 25 Personen begrenzt.

Eine verbindliche Anmeldung ist bis zum 01.04.2025 erforderlich.

Zur Anmeldung erkundigen Sie sich bitte zunächst bei SICONA nach freien Plätzen.

Naturschutzsyndikat SICONA
administration@siconal.lu
12, rue de Capellen L-8393 Olm
Tel. 26 30 36 25

Der Bestimmungskurs wird vom Naturschutzsyndikat SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt, in Kooperation mit der *Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois* sowie der *Association des biologistes luxembourgeois*. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider (Naturschutzsyndikat SICONA) sowie Thierry Helminger (Nationalmuseum für Naturgeschichte).



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

People for Nature



Ronn Gebuertsdeeg

An der Gemeng Schieren ass et eng Traditioun, eise Matbiergerinnen a Matbierger zu hirem 80. oder 90. Gebuertsdag ze gratuléieren. Mat engem klengen Interview hu si d'Méiglechkeet, iwwert hier Erfahrungen an hiert Liewen an eiser Gemeng ze erzielen an esou e puer flott Geschichten un di Jonk weiderzeginn. Mir wënschen hinne vun Häerzem réckwierkend alles Guddes an eng gutt Gesondheet.

Leider hu mir am Joer 2024 der Madame Goerens-Hoffmann Maia missten Äddi soen. Sie war laang eis eelste Biergerin am Duerf an ass am Joer 2024 am Alter vun 100 Joer vun eis gaangen. Momentan ass déi eelsten Damm, déi nach am Duerf gemellt ass, **d'Madame Garson Leonie mat 95 Joer**. Deen eelsten Här ass **den Här Schmitz Arnould, deen 92 Joer huet**.

Deene Persounen, déi net prett waren, fir en Interview ze ginn, wëlle mir op dësem Wee och häerzlech félicitéieren. Besonnesch félicitéiere mir fir hir 80 Joer, dem **Här Klaus Schmitz**, dem **Här Tholl Marc**, der **Madame Schroder-Hoffmann Andrée**, der **Madame Origer-Gruber Brigitte**, dem **Här Schmit Adolf** an der **Madame Feipel-Hekes Irme**.

Fir 90 Joer gratuléiere mir dem **Här Hess Raymond** an dem **Här Kleer Roger**.



Raymond Hess

90 ans

De Raymond Hess ass keen Onbekannten zu Schieren. Scho méi wéi eng Kéier war iwwert hien am Louis ze liesen. Dëst am Kader vu sengem 80. Gebuertsdag am Joer 2015, wéi hien deemools dem Mil Goerens iwwert seng Kandheet, säi Beruffsliewen, seng Famill a säin Engagement hei zu Schieren erzielt huet.

An och am Joer 2021 gouf et ee gréisseren Artikel iwwert de Raymond. Do gouf hie fir 50 Joer Benevolat hei am Duerf geéiert a krut vum deemolege Buergermeeschter Eric Thill an dem Schäfferot „Merci“ gesot.

Hei ee kleng Réckbléck op säi Liewen

De Raymond Hess gouf den 21. Abrëll 1934 zu Miedernach als Jéngste vu 6 Kanner gebuer. Säi Papp huet op der Eisebunn geschafft, a während der Rundstedt-Offensiv gouf d’Famill gezwongen, provisoersch bei dem Papp sengem Brudder zu Lëntgen ze wunnen. 1946 huet de Papp en Haus zu Branebuerg kaaft, dat zesumme mat den eelste Jonge renovéiert gouf.

Mat 18 Joer huet de Raymond bei der Goodyear ugefaang. Hien huet sech vum Aarbechter am Pneubau bis ganz zum Manager eropgeschafft. 1993 ass hie pensionéiert ginn.



1957 huet de Raymond seng Fra Mariette bestuet. Si kruten 2 Meedercher, 4 Enkelkanner an hunn haut och 3 Urenkelinnen. **Nieft senger Aarbecht war de Raymond immens an iwwer vill Joeren hei zu Schieren engagéiert:** als President vun der Kulturkommissioun a vu Gaart an Heem, am Comité vum FC Schieren, der Antenne collective an a villen Organisationscomitéë vun de Veräiner.

Besounesch stécht awer och seng Aarbecht fir „Repas sur Roues“ ervir, déi hien zesumme mat senger Fra an dem Maggy an dem Nico Garson vun 1994-2004 d’Weekender an d’Feierdeeg ausgefouert huet. Och fir d’Erhale vun der Kapell um Kierfecht huet hien sech mat senger Fra engagéiert.

Mat 70 Joer huet hie sech an d’Computeren ageschafft, an huet 2013 d’Buch „Goodyear 1949-1976“ erausbruecht. Eng Onmass un Exemplaie solle verdeelt gi sinn. Hie war och nach weiderhi fir d’Gemeng aktiv: vu Wope restauréieren, Fotoe maache bis hin zu Flouerpläng.



Di lescht Jore waren net einfach fir de Raymond. Am Joer 2021 war hie schlëmm krank an huet scho mat deem Schlëmmste gerechent. Hien huet sech awer gutt erkritt mee béckt awer haut mi kleng Bréidercher. Och dass vill Kolleegen, déi hien ee Liewe laang begleet hunn, net méi do sinn, ass net ëmmer sou einfach ze verdauen.

Besounesch frou an houfreg ass hien iwwert seng Kanner, Enkelkanner an Ur-Enkelkanner, op déi hien ëmmer ziele kann. Och seng Fra ass him eng grouss Stëtzt: „Ech passen op hatt op, an hatt op mech“.

All 2. Woch geet de Raymond op de Seniorentreff a spillt do gären eng Partie mat der Kaart. Bei dësem Thema ass de Raymond och besounesch houfreg op seng Fra: **24 Joer laang huet si d’Amiperas matgeleet an och haut begleet si hien nach gäre mat dohin.**

Schieren deemools an haut



Manifestatiouns- kalenner



März

15	Grouss Botz	Commission du développement durable	Pompjeesbau
29	Bamplanzaktioun	Gaart an Heem & Comm. du développement durable	Buvette Sportshal

Abrëll

13	Kaffisstuff	Fraen a Mammen	Alen Atelier
----	-------------	----------------	--------------

Mee

01	1. Mee	Gemeng Schieren & Schiereener Veräiner	Alen Atelier
08	Quizowend	BBC Black Frogs Schieren	Al Schoul
17	U12 Tournoi	Jugendkommissioun BBC Black Frogs Schieren	Sportshal
18	U12 Tournoi	Jugendkommissioun BBC Black Frogs Schieren	Sportshal
19	Auditioun	Schiereener Musek	Alen Atelier

Juni

06	175 Joer Schieren	Gemeng Schieren & Schiereener Veräiner	Al Schoul & Alen Atelier
07	175 Joer Schieren	Gemeng Schieren & Schiereener Veräiner	Al Schoul & Alen Atelier
07	Hämmelsmarsch	Schiereener Musek	
08	175 Joer Schieren	Gemeng Schieren & Schiereener Veräiner	Al Schoul & Alen Atelier
08	Hämmelsmarsch	Schiereener Musek	
14	Little Ballers Tournoi	BBC Black Frogs Schieren	Sportshal
15	Summerfest	Schiereener Musek	Al Schoul & Alen Atelier
22	Teleeeësmass a Pressessioun	Chorale Caecilia Schieren	
22	Virowend Nationalfeierdag	Gemeng Schieren & Schiereener Veräiner	Al Schoul & Alen Atelier
27	3 x 3 Turnoi	BBC Black Frogs Schieren	Sportshal
29	Mammendagsfeier	Gaart an Heem	Alen Atelier

Café des rencontres | Nordstad Aktiv+ & Inter-Actions ASBL | Al Schoul
19.03. / 02.04. / 16.04.

Reportagen



D'Milleso vu Schieren
D'Schierener Bräitchen

Eng al Legend aus dem Uelzechtdall weess z'erzielen, datt virun uralen Zäiten zu Ettelbréck eng Bannmille war, där hire Besëtzer als eenzegen an deem Bezierk d'Recht hat, säin Handwierk ze bedreiwen a seng Wueren ze verkafen. Un dës Bannmillen knëppt sech d'So vun der schéiner Braut. Den Hannes, Jong vum Bannmiller, e kräftege Borscht mat breede Schëlleren, mat hellen Aen an engem Krauselkapp, dee kenger Aarbecht aus de Féiss gaang ass an iwwerall gehollef huet déi schwéier Säck ze droen, deen hat eng Freiesch. Dat war d'Catherine, e wonnerschéint Meedche vu Schieren, mat Baken déi geglännert hunn, a Lëpsen déi bluttrout waren. Wou d'Catherine hierkoom, wouss keen ze soen, vläicht emol si selwer nit. Si war zënter enger Zäit Mod op engem Haff, an do hat den Hannes si kennegeléiert wéi hien eng Kéier Miel a Schrout dohinner geliwwert hat. Hie louch sengem Papp schonn eng laang Zäit an den Oueren, hie soll him dach d'Millen iwwerloossen, well hie jo awer grouss an al genuch wier fir de Betrib selwer ze féieren; de Papp selwer wier jo och där Jéngster kee méi, an hie misst och wéinst senger Giicht dacks am Bett leien. **Mee deen ale Papp hong mat ganzem Häerzen un der Millen an hie konnt sech nit iwwerwannen, d'Millen u säi Jong ofzeginn an d'Hänn an de Schouss ze leeën.** Hien ass dem Hannes ëmmer erëm ausgewach a sot zu him: „Wann s de mol eng Kéier bestuet bass a selwer e Stot erhale kanns, da kënnen mer mol nach eng Kéier driwwer schwätzen.“

Dem Hannes war et awer eescht gemengt an hie wollt sech sou séier wéi méiglech bestueden, obschonn d'Catherine sech nach kënntlech dergéint gewiert huet an d'Hochzäit nach wollt no hannen drécken. Mee den Hannes huet nit labber gelooss, an du koom et zur Hochzäit. Wéi den Dag dunn do war, koumen d'Gäschte vun iwwerall erbäi, an op der ganzer Millen huet een d'Laachen an d'Gecksen héieren. Am Millewo huet een d'Waasser héiere plätschen, mee dat grousst Millerad huet deen Dag nit gedréint. Den Hannes hat d'Invitéen all mat frëndleche Wieder begrüsst, mee ënnert hinne war een, deen him nit sou richtig gefall huet. Hien huet nit erausfonnt ween hie wier a vu wou en hierkéim, an hie gouf och nit gewuer ween hien agelueden hat. 't war och vläicht d'Catherine déi hien agelueden hat, well et ass dem Hannes opgefall, datt

deen Onbekannten di ganzen Zäit ëm si scharwenzelt ass a sech ëmmer ëm si beméit huet. Den Hannes war zwar nit jalous, mee dat Gedeessem vum deem Frieme konnt him awer nit gefalen. **Et huet him besonnesch nit gefall, datt d'Catherine, amplaz sech ëm hien an ëm hir Gäschte ze bekëmmere, mat deem opdrëngleche Borscht gelaacht a geheckt huet, a sech vun him Komplimenter maache gelooss huet.**

Et war schliisslech un der Zäit fir an d'Kierch ze goen, d'Gäschte hu sech fir de Cortège opgestallt, an den Hannes huet säi Graul géint dee Frieme mat de schwaarzen Hoer vergiess. Wéi de Brautzuch no der Hochzäit aus der Kierch erauskoom, souz eng al a krëppeleg Fra op dem ieweschten Träppléck vun der Kierchentrap. Den Hannes huet vu Gléck geglännert wéi e mat senger Braut um Arem zur Kierchendier erauskoom. Dunn huet di al Mimmchen sech schwéierfällg op hirem Bengel opgeriicht; si ass dem Hannes kënneg virkomm, hien huet gemengt en hätt se schonn dorëmmer begéint, wann e mat senger Kar Miel ausgefouert huet. Hie wollt och dunn an d'Täsch gräife fir där Aler e Geldstéck ze ginn, mee d'Fra wollt et nit. „Weis mer deng Hänn „ huet se mat ziddreger Stëmm zur Braut gesot. D'Catherine huet e Moment gezéckt, mee huet dunn awer di riets Hand dohigehal. **Hannert dem Brautpuer hunn di virwëtzeg Gäschte sech gedréckt, fir nëmmen näischt ze verpassen, an hu gespaant drop gewaart wat lo passéiere géif, mee di al Fra huet nëmmen onverständlech Wieder mat hirem Mond ouni Zänn genuschelt an der Braut e béise Fanger gemaach.**

Dunn huet se dem Hannes säi Kapp bei sech erofgezunn an huet him eppes an d'Ouer gepëspert. Et huet kee vun deene ronderëm eppes héieren, mee 't ass all Mënsch opgefall, datt den Hannes fir d'éischt rout an du bleech am Gesiicht ginn ass, an datt och seng jonk Fra staark geziddert huet.

Di al Mimmchen huet dunn de Wee fräi gemaach an den Hochzäitscortège ass op d'Millen zrëckgaang.

Den Hannes huet ënnerwee kee Wuert geschwat an 't huet een him ofgesinn, datt eppes hie bedréckt huet. Och bei Dësch huet en däischter dragekuckt an hien huet bal kee Maufel giess. Deenen aneren Hochzäitsgäschter ass knapps eppes opgefall, well si ware mat lessen an Drénke voll beschäftegt. De Bannmiller hat alles opgedëscht wat d'Haus ze bidden hat, well et louch him um Häerz, sengem eenzege Jong eng Hochzäit ze bidden, wéi et sech sengem Stand gepasst huet.

Nom lesse souzen d'Gäschter nach monter um Dësch ze gecksen, ze laachen an ze sangen; den Hannes awer huet seng jong Fra mat der Hand geholl an ass mat hier laanscht d'Uelzecht op Grentzen zou getréppelt. Ënnerwee ass e stënterlech stoe bliwwen an huet d'Catherine ganz déif an d'Ae gekuckt, hien huet gesinn, datt se rout am Gesiicht gouf a ganz verschimmt op de Buedem gekuckt huet. Dunn ass eng gehéireg Roserei iwwer hie komm, hien huet d'Catherine mat engem stolene Grëff bei de Schëllere gepaakt, an huet se du mat engem béise Fluch an d'Uelzecht gestouss: „**Sief sou laang des Däiwels, bis d'et fäerdegebréngs, eng aner Houer op deng Plaz ze setzen.**“ Vun där Stonn u war den Hannes spuerlos verschwonnen.

Am Ufank war den Hochzäitsgäschter hiert Verschwanne guer nit opgefall, mee wéi et géint der Owend gong, si se awer onroueg ginn. 't ass Nuecht ginn, mee di Zweek waren ëmmer nach nit heemkomm, an all Ruffen a Sichen an der Däischtert huet näischt erginn, an d'Gäschter sinn du ganz verwalt heemgaang. **Den anere Moien hu se dem Catherine seng Läch aus dem Milleweier gefëscht, mee den Hannes blouf verschwonnen. Den ale Bannmiller huet säi Misär nit iwwerliefert, an e bëssen duerno hu si hien op de Kierfecht gedroen.**

Vun där Zäit u geet d'Bräitche zwësche Grentzen an Ettelbréck ëm, a muenchereen huet sech scho gegrujelt, wann en nuets dee verloossene Wee laanscht d'Bëscher an d'Uelzecht huet misse goen. Eng Kéier hate sech zwee couragéiert Borschten, déi der Doud an der Däiwel nit gefaart hunn, d'Wuert ginn, fir am spéiden Owend op Grentzen ze goen an d'Bräitche ze ruffen, fir et z'ëmärbelen. Virdrun hate si sech Mutt ugedronk, an zimmlech spéit hu se sech op de Wee fir

op Grentzen gemaach. Den anere Moien huet de Schéifer Dittchen, wéi e säin Trapp op d'Weed gedriwwen huet, ee vun deenen zwee Tollkéngen dout nieft dem Wee fonnt. An de verkrämpfte Fangeren hat hien eng wieleg Séirous. Deem anere seng Hoer waren iwwer Nuecht schluetwäiss ginn, a vu Schreck hat hie fir de Rescht vu sengem Liewen d'Stëmm verluer. Wat eigentlech geschitt war, konnt kee Mënsch erausfannen, well aus senge komesche Gesten a Beweegungen ass kee klug ginn.

Eng aner Kéier koum e lëschtengen Hochzäitscortège owes spéit beim Millewier laanscht, si hate sech bei Gesank an Danz zu Schieren verspéit. Ënnerwee koum d'Ried op d'Bräitche, an op eemol huet ee vun de Gäschter dat onglécklecht Catherine am laange, wäisse Kleed gesinn. „**D'Bräitche!**“ huet e gejaut, **hien ass voller Panik fortgelaf, an all di aner hannendrun, just d'Braut war esou erféiert, datt se wéi geläamt stoe blouf a kee Glidd méi réiere konnt.** Si wollt järezen an ëm Hëllef ruffen, mee si krut keen Toun eraus.

Mat vu Schreck grouss opgerappten Aen an ziddrege Knéie gesouch si „d'Bräitche“ ganz lues op si duerkommen a si huet ee Moment gespuert wéi hiert Häerz mat Schloen opgehal huet, mee dunn huet „d'Bräitche“ sech mat engem schaurege Gejéimers ëmgedrënt an ass an hirem naasse Graf verschwonnen. Di verwonsche Fra konnt der Braut näischt undinn, well déi hat en onschëllegt Häerz an de Myrtekrantz op hire seidege Krauselen huet si a vollen Éiere gedroen.





Le sport au village

Les Black Frogs continuent d'épater et sont toujours dans la course pour accéder à l'Enovos League, le plus haut niveau national. En football, la Jeunesse a effectué une remontée impressionnante. Le traileur Daniel Reckinger continue de fréquenter les podiums.

Football

Une Jeunesse MAGIQUE

La Jeunesse a traversé une période magique fin 2024. Après un début de championnat plutôt terne avec une place dans le fond du classement, en un coup d'accélérateur, les « jaunes » ont traversé le classement de bas en haut grâce à une suite de 9 matchs sans défaite, en marquant 26 buts et en encaissant 8.

Flop

Malheureusement, la belle série s'est stoppée à la première échéance de 2025. La Jeunesse a trébuché lourdement dans le premier match de la reprise (16/2), battu à Diekirch 5-1. La défense a encaissé cinq buts pour la première fois de la saison, alors que sa défense était encore la deuxième plus solide de la série fin 2024.

Un échec cruel à Mertzig

Après une victoire courte acquise face à Norden02 (1-0) Am Ge'er, Schieren croyait réaliser une affaire en or en menant encore à la 82e minute 0-1 à Mertzig, le deuxième classé, ce 1er mars. Malheureusement, la défense a craqué à deux reprises dans les toutes dernières minutes, scellant une défaite cruelle et malheureuse sur le score de 2-1. **Schieren reste troisième au classement de la division 1 mais est renvoyé à six points de Mertzig et est à présent talonné par Diekirch.**

Jeunes

Le championnat jeunes sort progressivement de la trêve d'hiver. Et les scolaires de Colmar-Berg/Schieren sont à l'honneur. Après avoir remporté le championnat de classe 3 fin 2024, dans la phase 2, l'équipe évolue à présent en classe 2 pour la phase 3. Le plus haut niveau pour une équipe de jeunes de la Jeunesse.

Basket

En terminant en brillant deuxième de la première phase de Nationale 2, les Black Frogs se sont qualifiés pour le tour final (montée) qui doit désigner les montants qui évolueront la saison prochaine en Enovos League Hommes, la plus haute division nationale.

Les basketteurs de Schieren ont bien entamé cette dernière marche. Et tout va pour le mieux à mi-février. Dans leur premier affrontement, les Black Frogs ont détruit Soleuvre qui évoluait sur son parquet sur un score de 64-90 et écarté BC Mess dans le deuxième match (92-79).

Et le 1er mars

Gros match des Black Frogs en déplacement face à Gréngewald Hueschtert ! Battus de 8 points dans le tour qualificatif à Hueschtert, les Black Frogs ont été renversant ce 1er mars face au même adversaire. Menés 35-33 à la pause, les basketteurs de Schieren ont renversé le score pour l'emporter 76 - 80. Excellente opération, car nos basketteurs sont à présents deuxièmes...devant Gréngewald Hueschtert.

Le commentaire de l'entraîneur de l'équipe :

« The men's first team has arguably been the surprise of the season for a 2nd year in a row. Fighting for promotion to the LBBL was something only a select few believed to be possible. »

With the new young players integrating well along the 4 remaining veterans and the 2 new professional players, the team is currently in 2nd place with 9 games left to play in the playoffs.

We would be very happy for Schieren people to come support us in our remaining home games. Help support us to reach the LBBL for the first time in the club's history! Schedules are ».



Voici le programme des futurs match

22.03.2025

Black Frogs Schieren – AS Soleuvre
20h00 à Schieren

29.03.2025

BC Mess – Black Frogs Schieren
18h30 à Mondercange

05.04.2025

Black Frogs Schieren – Kordall Steelers
20h00 à Schieren

12.04.2025

Black Frogs Schieren – Gréngewald Hueschtert
20h00 à Schieren

18.04.2025

Racing Luxembourg – Black Frogs Schieren
20h00 à Tramsschap/central

Black Frogs Dames

Chez les dames, l'équipe est actuellement classée cinquième dans son championnat, avec le bilan remarquable de 13 victoires et sept défaites en ce début mars, et après avoir été battue par l'ogre et voisin d'Etzella dans une rencontre qui avait attiré un peu plus de monde que d'habitude au hall des sports de la route de Stegen.

Jeunes

Avec de meilleurs classements, les jeunes basketteurs et basketteuses du Black Frogs ont fait preuve d'une nette amélioration de leur niveau.

En U14 féminin, l'équipe tient une bonne quatrième place en phase finale division 3 après avoir décroché la deuxième place dans la phase précédente en division 4 qui leur a permis d'accéder à cette division 3.

Le U19 féminin tiennent la tête en division 3 (phase finale) après quatre matchs et autant de victoires.

Les U14 masculin se classent troisième en phase finale de division 4 après avoir décroché dans la phase précédente une troisième place en division 5 qui leur a ouvert les portes de la division 4.

Deuxième en phase finale de la classe 6, les U18 masculin sont deuxièmes et comptent encore le maximum de points après trois matches.

Alexandre Meireles Pereira, capitaine équipe hommes et aussi coach des jeunes nous a livré ses impressions à mi-saison dans un commentaire intéressant: « Cette saison se déroule très bien jusqu'à présent ! Même si nous avons une petite équipe, les enfants donnent le meilleur d'eux-mêmes à chaque match et font preuve de beaucoup de détermination. Ils progressent chaque semaine, travaillent dur et, surtout, s'amuse. C'est formidable de voir leur enthousiasme et leur esprit d'équipe grandir malgré les défis. »

Cyclisme

Décollage réussi en 2025 pour Loïc Bettendorf. Le coureur, habitué des lieux, a remporté le titre national en cyclocross, le 12 janvier sur le circuit de Cessange. Il a franchi la ligne avec une avance confortable de 2 min 44 sur son premier poursuivant. Le cycliste prépare à présent la saison d'été.

En catégorie juniors, Lenn Schmitz a terminé troisième au championnat national junior de cyclo-cross. En décembre, le jeune coureur a participé à deux épreuves UCI World cup, terminant 73° à Hulst (Pays-Bas) et 68° à Zonhoven (Belgique). Les résultats dans ses cross au Grand-Duché presque tous des podiums : Troisième à Alzingen (5/01), à Cessange (24/11) et au cyclocross Tooltime Préizerdaul (8/12), quatrième à Schiffflange (1/12).

Athlétisme

CAPA (Ettelbruck)

En salle, Malou Hansen a bondi 3 m 95 en longueur, sa meilleure performance en indoor cette année mais inférieure à sa meilleure performance outdoor (4 m 04). Par contre, l'athlète du CAPA a pulvérisé son record sur 60 m avec un temps de 9"29 (contre 9"72 il y a quelques mois). Aucune référence et pas de chance pour Daria Pechon, immobilisée d'abord par un poignet cassé et à peine remise, par un pied cassé, le tout en cinq mois.

CELTIC (Diekirch)

L'armoire aux médailles de Daniel Reckinger doit s'agrandir tant le trailer de 34 ans de Schieren poursuit sa collecte des podiums. Devant 193 participants, l'athlète du Celtic a remporté en 1 h06 min 54 le Weiskirchen X-Mas Trail (15km) couru le 15 décembre. Et dans une épreuve organisée en parallèle des championnats nationaux de trail long, le traileur a terminé sur la deuxième marche du podium sur une distance de 17 Km.

Chantal Hayen, l'ancienne sprinteuse du Celtic, continue sa carrière sur les longues distances. La membre du comité directeur de la FLA (Fédération luxembourgeoise d'athlétisme) a participé à la course populaire des 10 kilomètres DEULUX-Langsur-Lauf couru le 9 novembre. Avec le temps de 43 minutes 39, l'athlète a fait mieux que l'année dernière et s'avoue satisfaite de son chrono résultat.

Aux 17km « 3 Länner Trail » du 22 décembre à Weiswampach Chantal Hayen termine sixième féminine après 1 heure 42 minutes et 51 secondes d'effort. « Ce fut une course multi-saison. On a tout eu, soleil, pluie, neige, vent, malgré cela, j'ai eu du plaisir à courir. »

Une victoire au Challenge national Peter Sports U18, un titre de champion national U18 sur le 1500 m indoor, une victoire au meeting international Athlelor de Metz sur le 1000 mètres en U18, Damien Pechon a déjà la tête tournée vers la saison d'été avec l'objectif principal de réaliser au plus tôt le minima sur l'épreuve du 2000 mètres steeple pour participer et affronter les meilleurs européens au championnat EYOF U18 (festival olympique de la jeunesse européenne) fin juillet à Skopje.

Indiaca

L'équipe de Colmar-Berg, où évolue Romy Bertemes de Schieren, est actuellement classée deuxième dans le championnat national mixte, juste derrière Bettendorf.

En championnat Dames, après des victoires contre Troisvierges/Clervaux, Bettendorf, Alzingen et une défaite malheureuse et étriquée face Useldange, l'équipe de Romy Bertemes est assise à la deuxième place.

Si vous êtes sportif ou si vous connaissez des sportifs de la commune (ou originaire), n'hésitez pas à nous communiquer leurs noms pour que nous puissions établir un contact et relater leurs performances dans leur discipline respective. Nous vous en remercierons. Car votre démarche ne pourra être que positive. Ainsi, vous motiverez peut-être, par votre démarche, d'autres à pratiquer un sport.

Kanner a Jugend



Méisproochegkeet an der Crèche BimBam

Zu dësem Thema hate mir Besuch vum Fröbel-Institut vu Köln. D'Zil war, hinnen ze weisen, wéi mir de Plurilingue an eise Crècheën ëmsetzen. Si haten d'Méiglechkeet verschidden Haiser vun „Elisabeth“ ze besichen.

Esou konnte si sech iwwert dëse Wee Iddie sammelen fir bei hinnen och d'Méisproochegkeet ze implementéieren.

Fir eis war et d'Geleeënheet erëm eemol alles zesummen ze sichen, wat mir an all deene Jore scho gemeet hunn, an aktuell Iddie weider ze entwéckelen a matzedeelen.

Esou ass d'Iddi entstanen, eng interaktiv Ausstellung ze gestalten, wou mir all eis Methode presentéiert hunn.

Fir just e puer Beispiller ze nennen:


- Erzielkoffer
- Interaktiv Geschichten erzielen
- AnyDock
- Kamishibai
- Asw.

Souwuel fir eis ewéi fir si war dësen Austausch ganz wäertvoll a léierräich.

Team Bim Bam



Schouklassen



Cycle 3.2A - Dos Santos Jill & N’Zapayeke Noémie

Afonso Duarte Alex, Afonso Vaz Iris, Back de Lima Clara, Balazadeh Patrick, Dias Araujo Lyah, Hurt Loredana, Ludovicy Lena, Recken Meisch Lucca, Rosati Alessio, Ugen Leo, Wagner Petit Léon



Cycle 3.1A - Stüren Myriam

Büchler Maxime, Gomes Morais Keilana, Hau Elias, Heiles Noah, Lorito Rafael, Marques Ryan Miguel, Moreira Mya, Muratovic Alaya, Pereira Vicente, Santos Pina Ryan, Wszolek Alexander

Alff Julie, Badic Dzejla, De Sousa Silva Matilde Furtado Correia Edgar, Gonçalves Ribeiro Joel Kraus Leo Jean, Lopes Bacurim Gavin Unai, Martins Campos Diego, Schloesser Claude, Simon Mats, Toussaint Léo



Cycle 3.2B - Nosbusch Charline & Schaeffer Anja

De Oliveira Martins Malu, Defêche Awa, Ferreira Martins Lisa, Heischbourg Pier, Labelle Helbach Logan, Migueis Lessa David, Ourth Zoé Carole, Peters Tim, Rodrigues Pereira André, Schilling Raphael, Sorrentino Damiano



Cycle 3.1B - Thill Sabrina

Ahmatovic Sumeja, Albersmeyer Finja, Alegre Pauwels Levi, Alff Louis, Bartholmé Nikolay, Correia Mendes Beatriz, Cunha Jayson Toni, De Barros Ribeiro Rodrigo, Djalo Jaguite Aziz Abdullah, Hansen Nicolas, Kayser Julie, Leite Da Vinha Clayton, Migueis Lessa Mathilde, Monteiro Rico Almeida Filipa, Moreira Liz, Mossong Jayson, Pereira Diego, Pinto De Almeida Martim, Queta Louana Ndéye, Sabanovic Emin, Schilling Johanna, Teixeira Liam Pablo, Teixeira Rolo Marques Athéna, Venâncio Postel Naela



Cycle 4.1 - Schaack Christine & Bamberg Kim



Cycle 4.2A - Nosbusch Julie & Do Rio Catia (remplacée par Sally Kolkes)

Afonso Vaz Mathias, Babacic Neila, Castro Cardoso Kelly, Da Cruz Vale Diego, Ferrari David, Ferreira Martins Ilan, Hoffmann Marie, Jokic Vasilisa, Kocan Mediha, Latic Lina, Latic Tarik, Melnyk Oleksandr, Melo Moreira Bryan David, Oliveira Teixeira Kevin, Penin Sarah, Petitjean Lexie, Recken Meisch Cédric, Rosati Mili, Schroeder Ben, Schroeder Lou, Toussaint Julien, Vilas Boas Martins Diego,

Schierener Schoul



04

Veräiner



Galaconcert 2025

Sou wéi d'Traditioun et verlaangt, huet d'Schierener Musek och dëst Joer um drëtte Sonndeg vum Joer op hire Galaconcert an d'Sportshal zu Schieren invitéiert.

Den 19. Januar hunn 59 Musikanten ënnert der Leedung vun hirem Dirigent, dem Roland SCHILTZ, dem Publikum een ofwiesslungsräiche Programm gebueden, vun Arrangementer vu klassesche Stécker bis hin zu Interpretatiounen vu moderne Lieder.

Den éischten Deel vum Concert huet ugefaange mat der "Procession Of The Nobles", suivéiert vun "A ma Jeunesse – Aus der Kannerzäit" vum lëtzebuergesche Komponist Asca Rampini an „O Magnum Mysterium“, enger roueger Kompositioun fir Chéier, geschriwwen vum Morten Lauridsen.

Weider gOUNg et mat enger rezenter Kompositioun aus dem Joer 2023 vum Otto M. Schwarz. „When Nature Strikes Back“ vermëttelt dem Nolauschterer op musikal-esch Manéier d’Konsequenze vum Klimawandel an dem Afloss vum Mënsch op d’Verännerungen op der Äerd. Ier et an d’Paus gOUNg, gouf dem Publikum nach e Medley vum Musical „Elisabeth“ gebueden, wat d’Geschicht vun der bekannter éisträichescher Keeserin erzielt.



No der Paus gOUNg et weider mat „Dogon“ vum hollän-desche Komponist Kevin Houben a „Queen in Concert“, engem Medley vu véier vun de berüümtste Melodië vun der weltbekannter Band Queen. Als leschte Stécker vum Programm konnt d’Publikum mat „Roger Cicero in Concert“ an „Adele in Symphony“ Arrangementen vu moderne Museksstécker fir Blosmusikorchester nolauschteren. Mat der Zugab „Watermelon Man“ an engem Extrait vun „We Are The Champions“ gOUNg de Galaconcert vum Joer 2025 op en Enn.

D’Schierener Musek seet all hiren Nolauschterer an Ënnerstëtzer villmools Merci a bléckt mat Virfreed op den nächste Galaconcert, den 18. Januar 2026.



Chorale

No der wuelverdéngrter Summerpaus hunn eis Prouwen den 19.09. nees mat frëschem Elan ugefaang.

Op eise Hierschtowend den 09. November goufen eis Gäscht mat enger gudder Paella verwinnt. Eng gutt Sangria huet dobäi och net däerfen ze feelen.

De 17. November huet d’Chorale hier Patrëinesch d’helleg Caecilia gefeiert, an d’Sängerinnen a Sänger goufe fir hir Méi vum ganze Joer mat engem gudden lesse belount. Bei gudder Stëmmung hu mir eis de Menü gutt schmaache gelooss.

De 14. Dezember hu mir zesumme mat de Sängerrinnen a Sänger an de Musikante vun der Concordia lerpeldeng e schéine Chrëschtconcert zu lerpeldeng an der Kierch gesongen.

Helleg Owend, no enger feierlecher Astëmmung vun der Schierener Musek, huet d’Chorale dann och eng feierlech Mass gesongen.

Elo si mir nees prett fir d’Projete vun 2025 an Ugrëff ze huelen, dat zesumme mat de Sängerrinnen a Sänger vun der Concordia lerpeldeng, mat deene mir elo schonns vum 01.03.2023 un, all Aktivitéiten zesumme realiséieren, an déi gutt Zesummenaarbecht motivéiert eis alleguer.

**Huet Dir Loscht
sangen ze kommen?
Eis Prouwe sinn
Donneschdes vun
18h30 bis 20h00.**



Réckbléck op d'Joer 2024 vum CIS Colmer-Schieren

2024 war ee ganzt asazräicht Joer fir eisen Centre d' Intervention et de Secours (CIS), virun allem awer der Tatsaach geschéit, datt mir mam "First Responder Déngscht – dee mir an der leschter Editioun vum Louis virgestallt hunn – ugefaangen hunn. **Säit dem 12.03.2024 si mir hefir 54 Asätz gefuer. Dozou kommen nach eng weider 8 "Secours à personne" Asätz, wou mir der Ambulanz eng Hand ugepaakt hunn.**

28 Accidenter a 24 Bränn souwéi 15 technesch Asätz stinn des weideren an der Statistik. Mat 3 Alarméierungen, wou mir virum Antreffen ofbestallt gi sinn, mécht dat een Total vun 132 Asätz. **65 vun dësen Interventiounen waren an der Gemeng Colmer-Bierg, 55 um Territoire vun der Schiereener Gemeng.** 12 Asätz si mir als Renfort an eng Nopeschgemeng oder doriwwer eraus gefuer.

Eis 2 Sonder-Gefierer, déi den CGDIS zu Colmer am Bau stationéiert huet, waren op 5 Asätz. 3 Mol gouf eist neit Boot gebraucht, wourënner 2 Asätz ware well Autoen op der iwwerschwemmter Streck tëschent Ettelbréck a Welsdref hänke bliwwen sinn. **Op Grond vum éischter verreente Summer goufen et just 2 Asätz fir eise GTLF (Großtanklöschfahrzeug) bei Vegetatiounsbränn – géint 10 am Joer 2023 an esou guer 26 am Joer 2022.**

Do dernieft hate mir 21 Übungen an eise CIS an op 16 Owender hu mir d'Material ënnerhalen oder gepréift. An deenen 2 Primärschoule ware mir bei de Schoulfester, respektiv den obligatoreschen Evakuatiounsübungen, mat dobäi. 33 Membere waren an 63 verschidde Formatiounen vun der Schoul vum CGDIS ugemellt an hunn do quasi 200 Deeg respektiv 1.591 Stonne verbruecht.


Och eis 20 Jugendpompjeeë ware ganz aktiv, hu 15 Übunge souwéi 8 aner Aktivitéiten ofgehalen. Zou dësen Aktivitéiten zielen z.B. Ausflich an d'Schwämm op Colmer oder och ee Filmowend mat Iwwernuechtung am CIS. D'lescht Joer sinn och 2 Jugendpompjeeën an déi "grouss" Pompjeeë ropgewiesselt, an déi nächst stinn an de Startlächer fir dëst 2025 ze maachen.

An dëser Editioun vum Louis fannt dir ee kleng fotografesche Réckbléck op d'Joer 2024.

Mir brauchen deng Ënnerstëtzung

Du wëlls denge Matmënschen an Nout hëllefen? Du bass bereet e wéineg vun denger Fräizäit fir den Déngscht am CGDIS ze opferen? Du bass dorun interesséiert an enger flotter Ekip matzeschaffen?

- bei dem Chef de Centre vum CIS Colmar-Schieren, dem Jérôme Kayser: jerome.kayser@cgdil.lu oder 49771-5551
- andeems dir ee vun eise Membere uschwätzt, déi ech weider Informatiounen kënne ginn
- via de Kontaktformular um Internetsite vum CGDIS







Boulemettien

D'Saison 2024 am Petanque ass eriwwer. Déi Schiereener Boulespieler kënnen zefridde sinn, d'Resultater loosse sech weisen.

D'Zil fir an der 1. Divisioun ze bleiwen an ënnert deene Beschten aus dem Land ze bestoen ass hinne mat der 5. Plaz gelongen.

Am "Championnat de Promotion" hunn déi Schiereener Spiller eng 3. Plaz ënner 13 Ekippen erongen.

An der Coupe de Luxembourg si si bis an d'Halleffnall komm.

D'Traininge waren dat ganz Joer gutt besicht an deen neie Boulodrome huet och derzou bäigedroen dat vill nei Memberen aus der ganzer Géigend dem Club bäigetruede sinn. Eis Loisirsspiller konnten hiert Kënnen an deem engen an anere Frëndschaftsmatch ënner Beweis stellen.


D'Aweigung vum Boulodrome, de Boulemoien, d'Soirée de la Petanque waren aner Héichpunkten am Joer.

Enn November huet d'Federatioun hire 65ste Gebuertsdag gefeiert, hei konnten déi Schiereener och déi beschte Petanquespieler, déi aktuell Weltmeeschter aus Italien, kenne léieren a sech och nach e puer gutt Rotschléi fir 2025 mat op de Wee gi loosse.



Fraen a Mammen

Wéi et schonns laang Traditioun ass, haten d’Fraen a Mammen den 30. November hir Memberen op hir Adventsfeier invitéiert. Mat engem selwer gekachte Menü goufen d’Invitéen dann och dëst Joer verwinnt, a vill schéi Cadeaue waren an der grousser Tombola ze gewannen.



Am Dezember hu vill fläisseg Hänn Kichelcher gebak, a well se esou gutt sinn, huelen d’Bestellungen all Joer zou.

Helleg Owend no der Mass hunn d’Fraen a Mammen den traditionelle Glühwäin zerwéiert, un d’Kanner gouf awer och geduecht, déi sech de Schock gutt schmaache gelooss hunn.



Déi nächst Aktivitéiten:
18.03.2025 – Jousefsfeier
04.04.2025 – Schwaarz Muttergottesfeier
13.04.2025 – Kaffisstuff

Tennis Club Schieren

Merci fir 37 Joer Engagement

Den Tennis Club Schieren wëll zwee aussergewöhnleche Memberen e grouse Merci aus-schwätzen: dem **Germain SCHMIT** an dem **Guy BERWICK**. Si hunn sech iwwer 37 Joer mat vill Engagement fir eise Veräin agesat an de Veräin geprägt.

Zënter der Grënnung vum Club am August 1987 war de Germain e wichtige Member vum Comité. Hie gouf séier President an huet de Veräin 34 Joer laang mat vill Härzblutt a perséinlech Asaz geleet. Ënnert senger Féierung huet sech den Tennis Club Schieren zu engem feste Bestanddeel vum sportleche Liewen an eiser Gemeng entwéckelt. **Säin Engagement an seng Begeeschterung hunn de Veräin nohalteg geformt.**



**Merci Germain,
Merci Guy**

**Dir sidd a bleift e
wichtigen Deel vun
eiser Tennisfamill!**

Genee sou bedeitend war den Asaz vum Guy Berwick, dee vun Ufank un am Comité aktiv war. Als laangjäregen Tresorier huet hie mat grousser Suergfalt a Verantwortungsgefill dofir gesuergt, dass de Veräin ëmmer op engem gesonde finanzielle Fundament stoung. Sāi grousst Organisatiounstalent a seng präzis Aarbecht hunn dozou bäigedroen, dass de Club och wirtschaftlech erfollegräich wuesse konnt.

No 37 Joer hunn de Germain an de Guy elo decidéiert, hir Mandater néierzeleeën. **Mā och wann si net méi aktiv am Comité sinn, bleiwen si dem Veräin als geschätzte Memberen erhalen – an dat freet eis immens!** Hiren Asaz an hier Verdéngschter wäerten eis ëmmer an Erënnerung bleiwen.

Nei Verdeelung am Comité

Mat dësem Wiessel war dunn och eng nei Opdeelung am Comité néideg. Ausserdeem hu sech zwee nei Memberen der Ekip ugeschloss.

De Comité zielt also weiderhin 8 motivéiert Leit an dat sinn: Alain **BARTHOLME** (Tresorier), Nico **HILGER** (Member), Myriam **HOFFMANN-NILLES** (Präsidentin), Laura **HERRMANN** (Commission sportive), Steve **HERRMANN** (Secrétaire), Laura **THILL** (Commission sportive), Chris **WOHL** (Commission sportive) an Ann **ZEIMES** (Commission sportive).

Mir wäerten eist bescht ginn, den Tennis Club Schieren weiderhi gutt ze verrieden an an enger positiver Richtung ze entwéckelen. **Dat kënnt dir dann och gären op eisem neien Internetsite mat verfollegen (tcschieren.com).**



EEN AF MÉCHT DER HONNERT...



GLEEF NET ALLES AUS DEM NETZ

 Co-funded by
the European Union

 LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

 BEE-SECURE.LU

ATTENTION AU PHISHING PAR
SMS, COURRIEL OU TÉLÉPHONE !

1



L'escroc se fait passer pour un tiers de confiance (entité étatique, banque...) et vous envoie un lien par SMS ou email. Il peut même téléphoner avec un faux numéro luxembourgeois.

2



Le message reçu est alarmant (p.ex. prélèvements bancaires illicites) ou attrayant (remboursement d'impôts, paiement de primes...) et vous incite à cliquer sur un lien.

3



Ce lien mène vers un site web frauduleux, avec pour finalité de récupérer vos données personnelles.

Conseils préventifs :

- Ne partagez jamais des données personnelles avec des inconnus, ou qui vous sont demandées par courriel, téléphone, SMS ou d'autres services de messagerie.
- Ne cliquez jamais sur un lien qui vous a été envoyé d'une source inconnue.
- Méfiez-vous de messages ou appels qui vous poussent à réagir vite. Ne vous laissez jamais mettre sous pression pour effectuer un paiement ou transmettre vos données, et prenez toujours le temps de remettre en question de telles sollicitations.
- Contrôlez toujours si le message s'adresse à vous personnellement, respectivement, s'il contient des fautes ou des traductions erronées
- Sachez que des organisations et entreprises sérieuses ne vous demandent jamais d'envoyer des données personnelles via courriel ou SMS.

Si la provenance d'un message ou d'un appel n'est pas claire, et/ou en cas de doute, prenez d'abord contact avec l'entité concernée par le biais des moyens de communication habituels pour vérifier s'il s'agit d'une arnaque ou pas.

Si vous avez été victime d'une escroquerie, contactez l'un de nos commissariats de police pour porter plainte.

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU



POLICE
LÉTZEBOURG



Kannerdae
liichten
Offline
méi hell



Kanner tëscht 0 a 5 Joer
brauche reell Erlebnissen
an Interaktiounen



Les enfants de 0 à 5 ans
ont besoin d'expériences
et d'interactions réelles



Children aged 0 - 5 years
need real experiences and
interactions



+Info





Cnapa
Centre National
de Protection des Adolescents

mit der Unterstützung von



Œuvre
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte



INSTITUT LUXEMBOURGEOIS
DE RECHERCHE ET D'AIDE À LA JEUNESSE



Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

[illegible]

05.04.2025 9:30-12:00	Dippach Garnich	Ouschtereëër natierlech fierwen Teindre les oeufs de Pâques avec des colorants naturels BIO-Haff An Dudel Rue de la Croix, Sprinkange http://ig-o.lu/3/NVS3		17.05.2025 10:00-13:00	Bertrange Mamer Strassen	Amphibienexkursioun ronderëm d'Wieren Excursion aux amphibiens autour des mares Sentier nature 'Enneschte Bësch' Rue de la Gare, Leudelage/Bertrange http://ig-o.lu/3/qNKq		28.06.2025 9:00-12:00	Lintgen Lorentzweiler	Aartevillfalt a Wisen, Bëscher a Weieren La diversité des espèces dans les prairies, les forêts et les mares Rue de Wormeldange, Blaschette http://ig-o.lu/3/lzdn	
26.04.2025 9:00-12:00	Habscht Steinfort	Biotoopverband Aqua Flora Fauna Réseau de biotopes aquatiques: faune et flore Jockelsgaass, Hagen http://ig-o.lu/3/sd6n		24.05.2025 9:00-12:00	Kayl Rumelange Schifflange	Diversitéit vun den Aarten a Liewensraim am Minett La diversité des espèces et des habitats dans la région du Minett Parking Monument national des Mines, Kayl http://ig-o.lu/3/ye8N		05.07.2025 9:00-12:00	Feulen Groussbus- Wal Mertzig	Wéi leëen ech eng Blummewiss un ? Comment aménager une prairie fleurie ? 100, rue de Kuborn, Brattert http://ig-o.lu/3/gzc5	
26.04.2025 13:00-16:00	Differdange Pétange Sanem	City Nature Challenge Am Kannerbongert, Niederkorn http://ig-o.lu/3/9cIE	 	24.05.2025 10:00-12:00	Bettembourg Leudelage Roesser	Planzen an eise Stied an Dierfer: naturno Grénganlagen Les plantes dans nos villes et villages: les espaces verts proches de la nature 26, A Leischemer, Bettembourg http://ig-o.lu/3/K6TU		12.07.2025 14:00-17:00	Beckerich Redange/ Attert Saeul	Hausapdikt aus der Natur La nature nous sert de pharmacie Salle Aula Rue d'Ospren, Redange http://ig-o.lu/3/9xEo	
17.05.2025 9:00-12:00	Ell	De SICONA stellt sech vir: Théorie a Praxis SICONA se présente: théorie et exemples pratiques Centre Camille Ney 40, Haapstrooss, Ell http://ig-o.lu/3/6BSZ		16.06.2025 16:00-19:00	Kehlen Kopstal	Wéllplanzesom Lëtzebuerg: Porte ouverte um Schaufeld Porte ouverte du champ de démonstration «Wéllplanzesom Lëtzebuerg» Rue des Champs, Kopstal http://ig-o.lu/3/NHGA		19.07.2025 9:00-12:00	Steinsel Walferdange	Vun der Heed bei d'Torfmoos Des callunes aux sphaignes Parking Raschpëtzer Rue Prince Henri, Walferdange http://ig-o.lu/3/S9dK	

Praktesch Informatiounen

Ëffnungszäiten

Méindeg – Mëttwoch
07h30 – 11h30 an 13h30 – 16h30

Donneschden
13h30 – 18h00

Freiden
07h30 – 11h30

Zentral
☎ 81 26 68 – 54

Sekretariat
Philippe Calmes
☎ 81 26 68 – 57

Carole Manuelli
☎ 81 26 68 – 50

Laura Wiltgen
☎ 81 26 68 – 59

✉ secretariat@schieren.lu

Service Technique
Michel Pütz
☎ 81 26 68 – 52

Corinne Wagner
☎ 81 26 68 – 58

Tania Marin
☎ 81 26 68 – 53

Alain Wersant
☎ 81 26 68 – 56

✉ technique@schieren.lu

Recette / État civil

Nora Esslingen
☎ 81 26 68 – 55
✉ recette@schieren.lu

Populatioun
Sandy Cesar
☎ 81 26 68 – 54
✉ contact@schieren.lu

**Service
Kommunikatioun**
Félix Heintz
☎ 81 26 68 – 51
✉ felix.heintz@schieren.lu

Agent municipal
Pol Petit
☎ 81 26 68 – 75
✉ pol.petit@schieren.lu

Gemengenatelier
☎ 81 26 60

Schoul
☎ 81 70 53 – 42

Éducatioun Précoce
☎ 27 72 04 56 / 81 68 62

Crèche
☎ 26 80 57 90

Maison Relais
☎ 81 70 53 – 60

Impressum

Louis 74
De Schiereener Gemengebuet

Editeur
Gemeng Schieren

Layout
Gemeng Schieren

Text a Fotoen
Louis Kommissioun
Gemeng Schieren
Schiereener Veräiner

Drock
Imprimerie Reka
L-4835 Ehlerange

Unzuel
1050 Ex.



L'Administration communale de Schieren

90, rte de Luxembourg
L-9125 Schieren

 81 26 68 - 54
 contact@schieren.lu

 [gemengschieren](#)
 [gemengschieren](#)
 [schieren.lu](#)

